

## Evangelium vum 21. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 16,13-20

<sup>13</sup> Wéi de Jesus an d'Géigend vun Cäsarea Philippi kouw,  
huet hien seng Jünger gefrot:  
"Fir wien halen d'Leit de Mënschejong?"

<sup>14</sup> Si soten: "Déi eng fir de Johannes den Deefer,  
anerer fir den Elias,  
nees anerer fir de Jeremias oder soss ee vun de Prophéiten."

<sup>15</sup> Hie sot zu hinnen: "An dir,  
fir wien haalt dir mech?"

<sup>16</sup> De Simon Péitrus huet geäntwert:  
"Du bass de Christus,  
de Jong vum liewege Gott!"

<sup>17</sup> Dueropshi sot de Jesus zu him:  
"Glécklech bass du, Simon, Jong vum Jonas,  
well net Fleesch a Blutt hunn dir dëst geoffenbaart,  
ma mäi Papp am Himmel.

<sup>18</sup> An ech soen dir:  
Du bass de Péitrus,  
an op dëse Fiels' bauen ech meng Kierch,  
an d'Paarte vun der Ënnerwelt<sup>ii</sup> ginn se net Meeschter!

<sup>19</sup> Ech ginn dir d'Schlëssele vum Himmelräich;  
dat, wat s du op der Äerd matenee verbënns,  
ass och am Himmel matenee verbonnen,  
an dat, wat s du op der Äerd vunenee lassléis,  
ass och am Himmel vunenee lassgeléist."

<sup>20</sup> Dunn huet hien de Jünger den Uerder ginn,  
kengem ze soen, datt hien de Christus wär.

---

<sup>i</sup> Wuertspill; déi griichesch Wieder fir "Péitrus" a fir "Fiels" gläichen sech: "petros" a "petra".

<sup>ii</sup> Am Griicheschen: d'Paarte vum Hades.